

De Gemengebuet

Mäerz

N°1

2024



Neijoerspatt am Centre Culturel Kuerzwénkel S.12

D'Konsdrefe Gemeng ënnerstëtzt de Cine Sura S.22

Besuch vum Kleeschen an der Schoul zu Konsdref S.36



D'Konsdrefer Gemeng, organiséiert di traditionell „Grouss Botz“, dëst Joer

Samschdes, den 23.03.2024

Mir treffen eis ëm 13:30 Auer virun dem Gemengenatelier zu Konsdref.

Mir freeën eis op Är Bedeelegung an invitéieren no der „Botz“ op eng kleng Stärkung an e gudde Patt.

Mir soen lech am Viraus Merci fir Är Mataarbecht am Intressi vun eiser Ëmwelt.

Zesumme fir eng propper Gemeng!

L'administration communale de Consdorf, organise l'action « Grouss Botz » ; c.-à-d. la collecte des déchets dans la nature,

samedi, le 23 mars 2024

Rendez-vous est donné devant l'atelier communal à Consdorf à 13:30 heures.

Après l'action de nettoyage, nous nous retrouverons autour d'un verre d'amitié et d'une agape.

Nous vous remercions d'avance de votre participation dans l'intérêt de l'environnement.

Tous ensemble pour une commune propre !

Gemengebuet 02/2024
Annahmeschluss 28. Abrëll 2024
Publikatioun Juni 2024

Gemeng Konsdref
8, route d'Echternach
L-6212 Consdorf
Telefon : 79 00 37
Fax : 79 04 31
E-Mail : commune@consdorf.lu
www.consdorf.lu

Editeur
Schäfferrot vun der Gemeng Konsdref



Redaktioun:
Personal vun der Gemeng
Léierpersonal aus der Konsdrefer Schoul

Layout:
brain&more - agence en communication
www.brain.lu

Imprimerie de l'Est
Gedrëckt op recycléierte Pabeier
Circle Offset

D'Gemengeverwaltung iwwerhëlt
keng Verantwortung iwwer den Inhalt
vu Publikatiounen vun Drëtten am
Gemengebuet.

Foto Titelsait:
Olivier Minaire

8

Wat war lass an der Gemeng?
Soirée des Commissions
Consultatives am Restaurant Daisy



Sommaire

— Aner Informatiounen	5
— Wat war lass an der Gemeng?	8
— Neies vum Service technique	34
— Wat war lass an der Schoul?	36
— Natur- a Geopark Mëllerdall	46
— Séances publiques	52
— Telefonslëscht	67

36


Wat war lass an der Schoul?
Besuch vum Kleeschen an
der Schoul zu Konsdref



51

Natur- a Geopark Mëllerdall
Tag des Baumes 2023 im
Natur- & Geopark Mëllerdall





HËLLEF

RETT LIEWEN



AN ZESUMMENAARBECHT MAM CGDIS,
GËTT EEN **ÉISCHT HËLLEF COURS**
BEI ONS ORGANISÉIERT.



WOU:

Pompjeesbau zu Konsdref

WÉINI:

16. Abrëll bis den 4. Juni 2024

AUERZÄIT:

ëmmer vun 19h30 bis 21h30



INFORMATIOUNEN IWWER DE COURS
AN D'UMELDUNG FANNT DIR
UM SITE **WWW.112.LU**
ËNNERT DER RUBRIK "FORMATION"



Gemeng
Konsdref



www.112.lu

Certificats de publication

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que le/la Ministre de l'Intérieur a approuvé :

- en date du 8 novembre 2023, réf. : 845xc4cc, la délibération du 17 octobre 2023 du Conseil communal, point 3 de l'ordre du jour, portant **fixation du prix de vente du bois de chauffage**
- en date du 8 novembre 2023, réf. : 845xc4949, la délibération du 17 octobre 2023 du Conseil communal, point 8 de l'ordre du jour, portant **nouvelle fixation du prix du repas sur roues ainsi que du prix de livraison**
- en date du 10 janvier 2024, réf. : 322/23/CR, la délibération du 17 octobre 2023 du Conseil communal, point 5 de l'ordre du jour, portant **approbation de modifications à apporter au règlement de circulation;**
- en date du 10 janvier 2024, réf. : 322/23/CR, la délibération du 7 novembre 2023 du Conseil communal, point 5 de l'ordre du jour, portant **approbation de modifications à apporter au règlement de circulation**
- en date du 10 janvier 2024, réf. : 322/23/CR, la délibération du 7 novembre 2023 du Conseil communal, point 6 de l'ordre du jour, portant **confirmation d'un règlement temporaire d'urgence concernant la réglementation de la circulation dans la Route d'Echternach à Scheidgen**

Chantier Wolper Baustelle Wolper

Les travaux du chantier Wolper vont démarrer début mars 2024. Ceux-ci ont été commandés par la commune de Consdorf, le syndicat d'assainissement SIDEN et les gestionnaires de réseau CREOS et POST et seront réalisés par l'entreprise BAATZ Construction Exploitation s.à r.l..

Pour cette raison, la route entre Consdorf et Wolper ainsi que celle qui traverse Wolper doivent être fermées à la circulation pendant une période prolongée. Au carrefour entre la route de Luxembourg à Consdorf et la route vers Wolper, la circulation sera également perturbée pendant une période plus courte. Les adaptations nécessaires du trafic et les déviations seront signalées en temps utile.

Voraussichtlich Anfang März 2024 werden die Arbeiten an der Baustelle Wolper beginnen. Diese wurden von der Gemeinde Consdorf, dem Abwassersyndikat SIDEN und den Netzbetreibern CREOS und POST in Auftrag gegeben und werden durch das Unternehmen BAATZ Construction Exploitation s.à r.l. ausgeführt.

Aus diesem Grunde muss die Straße zwischen Consdorf und Wolper, sowie jene durch Wolper hindurch, über einen längeren Zeitraum für den



*Verkehr gesperrt werden. An der Kreuzung zwischen der Route de Luxembourg in Consdorf und der Straße nach Wolper, wird es über einen kürzeren Zeitraum ebenfalls zu Verkehrsbehinderungen kommen. Die notwendigen Verkehrs-
anpassungen und Umleitungen werden zu gegebener Zeit ausgeschildert.*

Appel à candidatures

Commission du vivre-ensemble interculturel, places vacantes

En application de la loi du 23 août 2023 relative au vivre-ensemble interculturel, la commune de Consdorf fait appel à candidatures pour 4 places vacantes au sein de ladite commission.

Peuvent postuler **jusqu'au 22 avril 2024** : chacun qui habite ou travaille sur le territoire de la commune âgé de 18 ans au moins. (art. 10)

Ich Unterzeichnete(r) / Je soussigné(e) :

Adresse :

Nationalität / nationalité (indication facultative) :

Beruf oder Ausbildung / profession ou formation (indication facultative) :

Arbeitsort und Arbeitgeber / Lieu de travail et employeur :

Stelle hiermit meine Kandidatur für:

Pose ma candidature pour la :

commission du vivre-ensemble interculturel

....., den/le

.....
(Unterschrift /signature)

POUR QUE L'ADMINISTRATION COMMUNALE PUISSE TRAITER MA DEMANDE :

- Je donne mon consentement pour que les données récoltées dans ce formulaire soient manipulées conformément au règlement général sur la protection des données (RGPD). Elles sont nécessaires au traitement de ma demande par les services de l'administration communale de Consdorf et le cas échéant par ses sous-traitants. Ces données sont conservées pendant la durée nécessaire à ce traitement et au délai d'archivage applicable.

En cas de question au sujet du traitement des données personnelles, vous pouvez contacter le délégué à la protection des données (DPD) à l'adresse DPO@consdorf.lu.

Êtes-vous travailleur transfrontalier?

🇫🇷 Dès maintenant, vous pouvez vous engager dans la commune dans laquelle vous travaillez.

Impliquez-vous et devenez membre de la commission communale du vivre-ensemble interculturel.

Plus d'information auprès de l'administration communale.



Sind Sie ein Grenzgänger?

🇩🇪 Ab sofort können Sie sich in der Gemeinde, in der Sie arbeiten, engagieren.

Bringen Sie sich ein und werden Sie Mitglied der Gemeindekommission für interkulturelles Zusammenleben.

Für weitere Informationen wenden Sie sich bitte an die Gemeindeverwaltung.



Are you a cross-border worker?

🇬🇧 From now on, you can participate in the municipality where you work.

Get involved and become a member of the municipal commission for intercultural living together.

For more information contact your local administration.



Sidd Dir ee Frontalier?

🇱🇺 Ab elo kënt Dir lech an der Gemeng, an der Dir schafft, engagéieren.

Bréngt lech an a gitt Member vun der Gemengekommissioun fir interkulturellt Zesummeliewen.

Fir weider Informatiounen kontaktéiert d'Gemeng.





Soirée des Commissions Consultatives am Restaurant Daisy

Den 21. November 2023 hat de Schäfferot vun der Gemeng Konsdref op e „Walking Dinner“ am Kader vun der Soirée des Commissions Consultatives an de Restaurant Daisy um Scheedgen invitéiert. An engem gemittlechen an ongezwungenen Ambiente haten déi knapp 60 nei gewielte Membere vun de verschiddene berodende Kommissiounen vun der Gemeng d’Mëiglechkeet, sech kennenzelëieren a sech iwwert hir villfälteg Iddien an zukünfteg Projeten auszetauschen.



D’Gemeng Konsdref setzt op eng breet Palett vu berodende Kommissiounen, wouvunner jiddereng e ganz spezifische Fokus an e kloren Aufgabebereich huet. Nieft den obligatoresche Kommissiounen, wéi der Kommissioun fir dat interkulturellt Zesummeliwen souwéi der Schoulkommissioun, spillen zu Konsdref och vill optional Kommissiounen an Teams eng wichteg Roll. Vu Finanzen iwwer Tourismus, Kultur an Duerfverschëinerung bis bei d’Jugend an den Ëmweltschutz dréit all Kommissioun

dozou bäi, d’Liewensqualitéit an der Gemeng Konsdref ze verbesseren.

Am Aklang mat der Gemengenerdnung hunn dës Kommissiounen spezifesch Aufgaben a Verantwortungen, wéi ënner anerem d’Berodung am Kader vu bestëmmte Sujeten, déi de Gemengerot, de Schäfferot oder de Buergermeeschter hinnen zouweise kënnen. Ausserdeem kënnen si an hirem Zoustännegkeetsbereich nei Reegelen ausschaffen, Ännerunge virschloen an dem

Wat war lass an der Gemeng?







fokusséiert an e Bléck op lafend Projeten an zukünfteg Visiounen geworf.

Nodeems d'Equipe vum Restaurant Daisy dunn hir villfältig an exquisit Platen opgedëscht hat, war et un der Zäit, sech kennenzelieren. Mat vill Virfreed op all déi kommend Projeten si Membere vun deene selwechten an och vun ënnerschiddleche Kommissiounen an d'Gespréich komm. Dësen Austausch war immens konstruktiv an huet gewisen, wéi engagéiert d'Bewunnerinnen a Bewunner vu Konsdref sinn, wann et ëm d'Gestaltung vun hirer Gemeng geet.

Insgesamt war de „Walking Dinner“ vun de Kommissiounen also net nëmmen e kulinaresch Erleefnis, mee virun allem en inspiréierenden Owend voller Austausch an Zesummenaarbecht. De Schäfferot huet d'Méiglechkeet genotzt, alle Membere fir hiert Engagement Merci ze soen a bewonnert, datt si hir Zäit an Energie investéieren, fir d'Liewensqualitéit zu Konsdref kontinuierlech ze verbesseren. Zesumme bilden si d'Réckgrat vun der lokaler Demokratie an droen dozou bäi, eng liewenswäert an innovativ Zukunft fir d'Gemeng ze gestalten.

Schäffen- oder Gemengerot Sujete fir den Ordre du Jour virschloen. D'Memberen, déi mindestens 18 Joer al sinn an zu Konsdref wunne mussen, ginn dobäi all Kéier fir déi gesamt Dauer vum Gemengerotsmandat ernannt.

Déi eenzel Kommissiounen treffen sech esou oft, wéi et néideg ass, a schaffen no de Prinzipie vun der Majoritéitsentscheidung. Bei Bedarf kann och op bestëmmten Experten zrëckgegraff ginn, déi awer kee Stëmmrecht hunn. D'Resultater vun de Sëtzunge ginn dem Gemengerot dann iwwert de Gemengesekretär matgedeelt.

E gesellegen a konstruktiven Owend

Virum lessen hunn de Schäfferot, Verrieder vun eenzelne Kommissiounen an d'Membere vum Gemengesekretariat den Owend mat inspiréierende Wieder ageleet. Dës kuerz awer informativ Usproochen hu sech virun allem op d'Bedeutung vun de berodenden Kommissiounen



Neijoerspatt am Centre Culturel Kuerzwénkel

Freides, den 12. Januar 2024, hu sech d'Biergerinnen an d'Bierger aus der Gemeng Konsdref am Centre Culturel Kuerzwénkel fir e besonnescht Event zesummefonnt. Op Invitatioun vum Schäffen- a Gemengerot gouf zesummen op en erfollegräicht Joer 2023 zrëckgekuckt an dat neit Joer zesummen agelaut.

Den Owend huet ugefaang mat enger härerlecher Ried vum Buergermeeschter Marco Bermes, deen, obwuel e gesondheetlech ugeschloe war, sech et net huele gelooss huet, jidderee wëllkomm ze heeschen an d'Projete fir dat kommende Joer virzestellen. D'Awunner vun der Gemeng kruten en Abléck an déi verschidde Pläng a Moosnamen, déi aktuell ëmgesat ginn an och an déi zukünfteg Projeten.





Den Highlight vum Owend war d'Éierung vu verdéngschtvolle Schülerinnen a Schüler souwéi och jonke sportlechen Talenter. An dësem Kontext hunn déi Gemengeverantwortlech d'Engagement, déi haart Aarbecht an déi fantastesch Leeschtungen an de Beräicher vun der Educatioun a vum Sport voller Stolz geéiert.

Och d'Biergerinnen a Bierger, Partnerinnen a Partner vun der Gemeng kruten e besonnesche Merci gesot, fir hiert aktiivt Engagement an hiert konstruktivt Matwierken un de ville spannende Projeten an der Gemeng ze wierdegen. D'Gemeng schätzt dës Zesummenaarbecht an den Asaz vun all Einzelnen fir d'Wuel an d'Entwécklung vun der Gemeng.

E weideren Héichpunkt vum Owend war den Danzoprëtt vun de Crazy Boots Konsdref. D'Grupp huet mat hirer matrappender Performance Schwong an de Sall bruecht a fir eng ausgeloose Stëmmung gesuergt.



No deem offizielle Programm vum Owend huet de Schäffen- a Gemengerot d'Leit op e festlechen Neijoerspatt agelueden. D'Atmosphär war gepräagt vu gudder Laun a Geselligkeet. Et goufen animéiert Gespréicher gefouert, d'Kanner hu gespilt an d'Leit ware frou sech erëmzege sinn an hu sech häerzlech begréisst an ëmaarmt.

De Schäffen- a Gemengerot wëll vun dëser Geleeënheet profitéieren, jidderengem Merci ze soen. Déi zuelräich Participatioun a positiv Energie vun de Biergerinnen a Bierger hu weesentlech zu dësem erfollegräichen Owend bäigedroen. Am Numm vum ganze Schäffen- a Gemengerot wënscht d'Gemeng Konsdref allen Awunnerinnen an Awunner an hire Familljen e frou a glécklecht Joer 2024.





AN DER LOUPESCHT CLUB AKTIV PLUS

Lies - Grupp sicht Verstärkung!

Wien si mir?

Mir sinn e kleng Grupp vu Fraen a Männer di Freed um Liesen hunn. Ënnert dem Numm „**Literatur-Treffen**“ als Aktivitéit vum Club Senior AN DER LOUPESCHT treffe mir eis 1x de Mount a klenger Ronn, fir eis während annerhallwer Stonn iwwert e Buch auszetauschen, wat mir virdu gemeinsam decidéiert hunn ze liesen. Dernieft diskutéiere mir a plangen zesummen de Programm fir déi nächst Méint.

Dat ganzt an enger jovialer Atmosphär bei enger Taass Kaffi oder Téi. Mir wiere frou, wa mir de kleng Grupp kéinten e bësse mi grouss maachen, dofir siche mir Verstärkung.

Mir liese lëtzebuergesch, däitsch oder franséisch, awer och Auteuren aus anere Länner, dann awer an enger Iwwersetzung.

Informationen an Umeldung:

☎: 2755-3395 oder

✉: club-loupesch@croix-rouge.lu

Nächst Treffen:

26.03.2024

18.06.2024

23.04.2024

16.07.2024

21.05.2024

ëmmer Dënschdes 16h00 >17h30

- 👤 Camille Weiland
- 📍 Club Senior An der Loupescht
- 🕒 16h00 > 17h30
- 🗣️ LU / D
- € Gratis / *gratuit*
- 📅 Eng Woch am Voraus / *une semaine à l'avance*

📍 **Veräinsbau - Consdorf**
24, Route de Luxembourg,
L-6210 Consdorf





Chrëschtconcert an der Kierch zu Bäärtref 13.01.2024

Am Kader vum 10. Anniversaire vun der Chorale Berdorf-Consdorf hunn déi 2 Veräiner ënner der Leedung vum Roby Schiltz e flotte Chrëschtconcert gesongen. Eigentlech war dëse Concert fir den 9. Dezember 2023 virgesinn, huet awer misse kuerzfristeg wéinst ville Krankheetsfäll an eise Reien op den 13. Januar verluet ginn.

An enger gutt besater a festlech beliichter Kierch war den Haaptphänkert vun deem Concert d'„Böhmische Hirtenmesse“ vum tschechesche Komponist Jakub Jan Ryba an enger eenzegaarterger Besetzung fir Uergel an 2 Geien, meesterhaft gespillt vum Rosch Mirkes, Jehanne Strepenne a Guy Goethals. Soliste waren d'Anne Berna an de Roby Schiltz.

Iwwerzeege konnten is 3 Instrumentalisten och mat der Sonat a Fa-Majeur fir 2 Geien a Basso Continuo vum Antonio Vivaldi.

Am 2. Deel, fir de Concert ofzeschlëissen, stungen nach e puer bekannte Chrëschtlieder um Programm.

Laangen Applaus a vill Luef vun den Nolauschterer hunn alle Bedeelegten um Concert vill Freed gemaach.

Bäi engem Patt am Centre Culturel „A Schmadds“ gouf e flotte musikaleschen Owend ausklänge gelooss.

Text: Chorale Berdorf-Consdorf

Foto: Cati Fernandes





Chrëschtconcert 17.12.2023



De Kanner- a Jugendchouer Konsdref hat op säin traditionelle Chrëschtconcert invitéiert, dës Kéier an enger gemittlecher Chrëschtatmosphär an engem gutt gefüllte Festsall um Scheedgen.

Mat flotte Chrëschtlieder huet de Chouer d'Publikum begeeschtert, dëst mat der Ënnerstëtzung vum Marco Bermes um Drumset an dem Romain Boden um Kontrabass.

Mam Lidd ‚Applaus, Applaus fir déi flott Zäit‘ hunn d’Sänger*innen de Marc Loewen, Dirigent a Pianist, iwwerrascht an him vill Gléck op sengem weidere musikalesche Wee gewënscht. E ganz décke Merci un de Marc, fir säin Engagement a seng wäertvoll Aarbecht, déi hien déi läscht Jären fir de Chouer geleescht huet.

Nom Concert gouf dee schéinen Owend mat engem Patt Glühwain a Chrëschtgebäck geselleg ausklénge gelooss.



Kannerchouer



Jugendchouer

Hues du Freed um Sangen?

Mell dech op kajuconsdorf@gmail.com oder um 691 790414.

Prouwe si méindes vu 16h15 – 17h00 fir de Kannerchouer (Cycle 2.1. - 4.1.)

a vu 17h00 – 18h30 fir de Jugendchouer

Weider Infoen op eiser Facebook- an Instagramsäit:

Kanner- a Jugendchouer Konsdref

Generalversammlung vum Kanner- a Jugendchouer Konsdref



Am Kader vun der 20. Generalversammlung vum Kanner- a Jugendchouer Konsdref den 11. Januar 2024, hu sech vill Memberen an offiziell Invitéeën afonnt. D'Präsidentin Annick Pletschette huet d'Leit ganz häerzlech begréisst. Am Uschloss huet d'Sekretärin Marie-Paule Puraye-Wewer den ëmfangräichen Aktivitéitsrapport, dorënner de Concert fir den 20. Gebuertsdag, vum Chouer präsentéiert. Dësen huet Optrëtter bei verschiddenen Evenementer a weider Aktivitéiten ëmfaasst, bei deenen déi jonk Sängerinnen a Sänger d'läsch Joer deelgeholl hunn. De Finanzbericht gouf vun der Caissière vum Chouer, dem Manon Krippes präsentéiert. Duerch Donen a suergfältigem Haushalte konnt en zolidd finanzielt Fundament geschaf

ginn, dat de Chouer bei der Realisatioun vu kommende Projeten ënnerstëtze wäert.

E weidere wichtege Punkt op der Dagesuerdnung war d'Verabschide vum bisherigen Dirigent Marc Loewen, den de Chouer iwwert vill Joren erfollegräich geleet huet. D'Memberen hu sech bei him bedankt fir säin Engagement a seng wäertvoll Aarbecht andeem si him e perséinleche Kaddo iwwerreicht hunn.

Fir e gelungenen Ofschloss vun der Generalversammlung huet dem Buergermeeschter Marco Bermes seng Usproch gesuergt, den de Kanner- a Jugendchouer als wichtege kulturellen Acteur an der Gemeng gewürdegt huet. Hien huet déi gutt Jugendarbecht an déi villfältig Aktivitéiten ervirgehewenen, déi de Chouer am vergaangene Joer erfollegräich ëmgese hat. Och huet hien sech perséinlech beim Dirigent bedankt fir déi gutt Zesummenaarbecht.

D'Generalversammlung vum Kanner- a Jugendchouer Konsdref huet eemol méi verdäitlecht, datt et sech em ee gutt funktionéierende Veräin handelt, den sech aktiv ëm d'Fërderung vu jonken Talenter an der Fleege vu musikalescher Traditioun beméit. D'Membere kënnen stolz op dat Erreichte sënn a mat voller Virfreed an d'Zukunft kucken, wärend si weiderhi beweisen, dass de Chouer e wichtege Bestanddeel vum kulturelle Liewen an der Gemeng Konsdref ass.





Chrëschtfeier 08.12.2023

Mat engem gudden Iessen, schéiner Musek a flotter Tombola huet de Fan Club Roude Léiw a beschter Ambiance hir Chrëschtfeier am Hotel Bon Repos ofgehalen.

Text a Fotoen: Fanclub Roude Léiw



Chrëschtconcert mam Rudy Giovannini am Kuerzwénkel 19.12.2023

Endlech no zwee laange Joren war de Rudy Giovannini op senger grousser Europa Tournée fir e Chrëschtconcert bei eis am Dierfchen an huet säi Publikum vun éischter bis leschter Minutt an eng musikalesch Chrëscht- a Wanterdremwelt entfouert. Mat Standing Ovatioun, vill Applaus fir de beléifte Südtiroler Kënschtler a vill Luef fir déi wonnerschéi geschmückte Chrëschtbün ass no 3 Stonnen e wonnerschéine Concert op en Enn gaangen.

Text a Fotoen: Fanclub Roude Léiw





Remise des diplômes 10.11.2023

Den 10. November war d'Remise des diplômes vun der Regionaler Museksschoul lechternach am Trifolion a Presenz vum Commissaire du Gouvernement à l'Enseignement musical, dem Här Gilles Lacour.

Dëst Joer kruten 221 Schüler am ganzen 253 Diplomer virun engem volle Sall am Trifolion iwwerrecht an dat och ëmmer jeeweils zesumme mat de politesche Verrieder vun de verschidde konventionéierte Gemengen.

Den Optakt vum Owend huet den Trompettenensemble ënnert der Leedung vun hiren Enseignanten Nico Koch a Christophe Terver gemaach. Weider gong et du mat der Begréissung vun der Députée-Maire Carole Hartmann, déi alle Schüler fir hier aussergewéinlech Leeschtunge gratuléiert huet an och allen Enseignanten an der Administratioun häerzlech Merci gesot huet fir hiren onermiddlechen Asaz dat ganz Joer. Si ass op déi divers pedagogesch Projeën déi d'Schoul mat de Cycle 1 Klasse vun lechternach, Jonglënster a Konsdrëf hat, agaangen an huet de ganz wichtege Facteur Integratioun ervirgehuewen, deen d'Museksschoul duerch hir Collaboratioun mam CDI vun lechternach an dem CSAE vu Weilerbach huet. Mat enger wonnenschéiner Danzprestatoun vun eisen 3 Laureatinnen aus dem Cycle Moyen Danse classique ass eise Concert des Lauréats weidergaangen. Prestatioune vu Laureaten aus dem Bléiser- a Straicherdepartement, jonk Pianistinnen, enger Gesangsperformance vun eiser Laureatin aus den eegene Reien, d'Madamm Nicole Thomé a Beiträg vu Jazz- a Rock/Pop Comboen hunn den héijen Niveau an d'Diversitéit vun der Regionaler Museksschoul zum erklänge bruecht.

D'Directrice Nadine Eder ass an hirer Allocatioun op de professionelle Werdegang vu fréiere Schüler aus eiser Museksschoul agaangen. Si huet de nei gegrënnte Studiegang op der Uni Lëtzebuerg, de bachelor en enseignement musical,

ervirgehuewen, mam Encouragement, dass jonk Schüler*innen, sech fir dëse schéine Beruff entscheede fir an der Zukunft den Enseignement hei ze Lëtzebuerg weider kennen op dësem héijen Niveau unzebiden. D'Directrice huet der Gemeng lechternach, alle konventionéierte Gemengen an dem Ministère de l'Education ee grouse Merci ausgeschwat fir hier Ënnerstëtzung.

Wéi all Joers huet d'Amicale vun der lechternacher Museksschoul en Instrument gespent. De Romain Boden, Member vum Comité huet der Schoul dëst Joer op der Bün e neien Cello iwwerrecht.

ler et dann zur eigentlecher Remise vun den Diplomer iwwergaangen ass, huet de Gilles Lacour d'Enseignanten an d'Schüler fir hiren Engagement an hier Leeschtunge gelueft an huet och den Elteren hier Ënnerstëtzung an Evidenz gesat an hinnen ee grouse Merci ausgeschwat. Hien huet der Gemeng lechternach an alle konventionéierte Gemengen seng Dankbarkeet fir hier finanziell Participatioun ausgeschwat, fir dass d'Kanner, déi Jugendlech an och déi erwuesse Schüler weiderhi vun enger exemplaresch musikalescher Ausbildung an de Gemenge kenne profitéieren.



Text a Fotoen: Ecole régionale de musique de la ville d'Echternach

Informationsveranstaltung am Kader vum Klima- an Naturpakt 12.12.2023

D'Klima-Agence an de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung haten am November an Dezember op eng Serie vu 5 regionalen Informationsveranstaltungen am Kader vum Klima- an Naturpakt invitéiert. Den 12. Dezember waren si och am Centre polyvalent "Kuerzwénkel" zu Konsdref.

D'Zil vun der Serie vu Konferenzen ass et fir engersäits deene verschiddenen Zilgruppen e generelle Kontext vum Klima- an Naturpakt ze ginn an anerersäits déi aktuell Erausforderung am Beräich vum Naturschutz an der nohalteger Energietransitioun ze thematiséieren an ze erkläre wat d'Roll vun de Gemengen dobäi ass. Am Mëttelpunkt stungen hei ënner anerem

Theme wéi: Ausbau vun der ëffentlecher Luedinfrastruktur um kommunalen Niveau, Vereinfachung vu kommunale Bestëmmungen am Beräich Aménagement communal, Economie circulaire, energieetesche Renovatioun vu Wunn- a Funktionalgebaier esou wéi aktuell Appels à projets am Naturschutzberäich. Och d'Naturschutzsyndikater waren dobäi fir hir aktuell Projete virzestellen.

Tëschent de verschiddene Presentatioune kruten d'Leit och d'Geleeënheet hir Froen ze stellen.

Uschléissend gouf e Patt zerwéiert.

Text a Fotoen: Klima-Agence



D'Konsdrefer Gemeng ënnerstëtzt de Cine Sura

De Schäfferot huet d'Leit aus der Gemengenadministratioun an aus dem Service Régie op een Teambuildingevent an de Ciné Sura op lechternach agelueden. Déi besonnesch Bedeitung vun dësem Event war net nëmme den Zesammenhalt vun de Mataarbechter, mä huet och doranner bestanen, datt d'Gemeng domadder de lokale Kino ënnerstëtze wollt, fir ze hëllefle säi Fortbestand ze sécheren. De klénge Kino zu lechternach steet virun der Erausforderung, dringend noutwendeg Investitioune fir een neie Projekter an eng nei Kinoleinwand tätegen ze mussen.

D'Teambuildingmoosnam huet de Mataarbechter vun der Gemeng d'Méiglechkeet ginn, fir sech ausserhalb vun dem gewinnten Aarbechtsëmfeld ze treffen, zesammen ze frühstücken an een ënnerhalsame Film ze genëssen a gläichzäiteg den Zesammenhalt an der Aarbechtsgemeinschaft ze stäerken. Den Event war e Succès an huet gudden Uklang fonnt.

D'Konsdrefer Gemeng weist mat dëser flotter Initiativ net nëmme Responsabilitéit géintiwwer den eegene Mataarbechter, mä och géintiwwer der regionaler Kulturlandschaft.



Chrëschtconcert am Kuerzwénkel

Ufank 2023 gouf ënnert der Leedung vum David Theisges bei Zitha Consdorf e Chouer gegrënnt, deen sech virun allem aus Residenten zesummesetzt, ënnerstëtzt vu Mataarbechter vun Zitha. De 6. Juli 2023 huet dëse Chouer zu Contern hire Premiereconcert ginn.

Den 23. Dezember gouf et e Chrëschtconcert am Centre Polyvalent Kuerzwénkel zu Konsdref. Wéinst dem ganz positive Feedback gétt et och dëst Joer, den 21. Dezember um 15:00 Auer, erëm e Chrëschtconcert vum Zitha Chouer op der selwechter Plaz.

Text a Fotoen: Zitha Consdorf





Opruff :
Grënnung vun enger
**Amicale
fir
Zitha Consdorf**

D'Zitha Consdorf sicht Leit déi sech am Kader vun enger Amicale engagéiere fir d'Wuel vun hire Bewunner a Patienten.

Dëst ass iwwer verschidde Weeër méiglech wéi z.B. Organisatioun vu Festivitéiten, Participatioun un Aktivitéiten, Ënnerstëtzung vu Projets, a Villes méi.

Hutt Dir Interessi drun eng **Amicale fir Zitha Consdorf** an d'Liewen ze ruffen ? Da mellt Iech onverbindlech iwwer : **accueil.consdorf@zitha.lu oder Tel. 26 45 31**

Zitha Consdorf cherche des personnes qui s'engagent dans le cadre d'une Amicale pour le bien-être de ses résidents et patients.

Plusieurs possibilités se présentent à vous, comme l'organisation de festivités, la participation à des activités, le soutien de projets, et bien plus encore.

Cela vous intéresse de créer une **Amicale pour Zitha Consdorf** ? Alors inscrivez-vous sans engagement via : **accueil.consdorf@zitha.lu ou tél. 26 45 31**

Kannerfuesbal

Organiséiert vun der Jugendkommissioun vum USBC '01 Berdorf-Consdorf

Samschdeg, de 27. Januar 2024 war de Centre Culturel "Kuerzwänkel" zu Konsdref fest an den Hänn vun de Kanner. D'Jugendkommissioun vum USBC '01 Berdorf-Consdorf huet zu hirem traditionelle Kannerfuesbal agelueden a vill kleng Fuesboken waren der Invitatioun nokomm.

Deene jonke Gäscht gouf een ofwiesslungsräiche Programm präsentéiert, de keng Wënsch op gelooss huet. Et gouf gedantz, gesongen a gespilt. Bei der beléiffter Polonaise sënn d'Kanner, begleet vu Fuesmusek duerch de Sall gezunn an hu gutt Laun verbreet. Fir lessen an Drénke war beschtens gesuergt.

De Kannerfuesbal vum USBC '01 war zweifellos ee volle Succès a wäert deene kleng Fuesboken nach laang an Erënnung bleiwen. Mat vill Freed, Musek a Spaass hu si zesummen eng flott Fuesparty gefeiert.





Neien Teleskopplader fir d'Gemeng

Den 30. November 2023 huet déi feierlech Schlësseliwwerreechung vun engem neien Teleskopplader un den techneschen Déngscht vun der Gemeng Konsdref stattfont. De Schaffen- an de Gemengerot an d'Leit vum techneschen Déngscht waren do, fir zesummen d'Schlësseliwwerreechung vum imposante Modell vum Teleskopplader, engem Merlot TF27.6 ze vollzéien.

Den neien Teleskopplader ass een Invest, den d'Effizienz an d'Qualitéit vun de Servicer vum techneschen Déngscht erhéije soll. De Merlot TF27.6 ass bekannt fir seng Leeschtungs-fäegkeet a Flexibilitéit bäi der Bewältigung vu verschiddensten Aufgaben. Mat enger Tragfähegkeet vu bis zu 2,7 Tonnen an enger Hubhéicht vu 6 Meter erméiglecht hien et dem techneschen Déngscht, schwéier Laaschten ouni gréisser Méi

ze beweegen an Aarbechten a gréisserer Héicht durchzeféieren.

D'Schlësseliwwerreechung war e Symbol fir den offizielle Start vum Teleskopplader am Asaz vum techneschen Déngscht vun eiser Gemeng. Déi uwiesend Verrieder vun der Gemeng waren zouversichtlech, datt dësen neien Zougang zu enger méi grousser Effizienz, Qualitéit a Sécherheet an de Gemengearbechten féiere géing. Mat dem neien Teleskopplader steet der Gemeng Konsdref eng leeschtungsstaark a polyvalent Maschinn zu Verfügung, dat den techneschen Déngscht an d'Lage versetzt, lokal Projeten nach besser ze ënnerstëtzen an d'Infrastruktur nach weider ze verbesseren. Domadder war d'Schlësseliwwerreechung ee bedeutenden Schrëtt fir d'Gemeng op hirem Wee zu enger effizienter a fortschrëttlecher Zukunft.



Aarbechtssëtzung tëscht de Schäfferéit vu Bäertref a Konsdref

D'Schäfferéit vun de Gemenge Bäertref, a Konsdref hu sech Mëttwoch, de 7. Februar 2024 an enger erfollegräicher Aarbechtssëtzung getraff fir d'Zesummenaarbecht ze intensivéieren. An enger positiver Atmosphère goufen déi gutt Kontakter tëscht de Nopere betount an de géigesäitegen Austausch vun Informatiounen a Ressourcen ugestrief.

Un der Aarbechtssëtzung hunn de Buergermeeschter vun der Gemeng Konsdref, de Marco Bermes, esouwéi d'Schäfte Michel Majerus a Bob Ries deelgeholl. Op Bäertrefer Säit waren de Buergermeeschter Joe Nilles an d'Schäfte Daniel Scharff a Marc Wintersdorf präsent. Béid Delegatiounen waren a Begleedung vun hirem Service technique an dem jeeweilige Sekretariat.

Et goufe verschidden Themen ugeschwat an d'Schäfferéit hu sech op ee géigesäitegen Austausch vun Expertisen an Erfahrung gëeent fir vun de Stärkte vun deenen zwou Gemengen ze profitéieren.

Während der Sëtzung hunn d'Vertrieder vun deenen zwou Gemengen sech iwwert verschidden Themen an d'Méiglechkeete fir eng zukünfteg Zesummenaarbecht ausgetauscht.

E Schwéierpunkt loung dobäi op dem géigesäitegen Austausch vu Knowhow an Erfahrungen. Sou sollen an Zukunft regelméisseg Treffere stattfannen, bái deene Froen a Problemer zesumme beschwat a Léisungen ausgeschafft ginn.

D'Aarbechtssëtzung gouf domadder beschloss de Kontakt an d'Zesummenaarbecht tëscht deenen zwou Gemengen ze intensivéieren. Déi nächst Sëtzung ass a Planung a soll dann zu Bäerdref stattfannen.



Liichten zu Präiteler

Den 2. Februar waren 20 Kanner zu Präiteler liichten. Gedeelt gouf duerno an enger Scheier um Jemenerhaff.

D'Kanner hunn nieft de Sëssegkeeten och 350 Euro gesammelt, déi un "En Häerz fir kribbskrank Kanner" gespent goufen.

D'Kanner an "En Häerz fir kribbskrank Kanner" soe Merci !





Anniversaire 50 Joer



THE WORLD RUNNERS CONSDORF A.S.B.L.

23.06.2024 - SONNTAG / DIMANCHE

95. INTERNATIONALE IVV WANDERUNG

mit nationalem Wandertag **Yuppi-Walk**
2024
[Region Müllerthal]

Start / Ziel / Départ : Centre Culturel - Kuerzwénkel in Consdorf

6 + 11 km : 7.00 - 14 Uhr/hrs · 20 km : 7.00 - 12 Uhr/hrs

50 Joer/ans Tourspezial /spécial : 35 + 42 km : 7.00 - 9.00 Uhr/hrs

Zielschluß / Estampillage : bis 17 Uhr/hrs

CATERING SUR PLACE

Grill - Frites - Spaghetti Bolognese an aglio e olio



Marie-Paule Gerson

GSM : (+352) 661 116 969

E-Mail : marie-paule@gerson.lu

Web : www.worldrunners.lu

P Alentours du Départ

Startgebühr / Inscription :

6, 11, 20 km : 1,50€

35 km : 5,00€ Marathon : 10,00€



THE WORLD RUNNERS CONSDORF A.S.B.L.



1974 - 2024

50 Joer • 50 Jahre • 50 ans Wanderverein Consdorf – Club de marche Consdorf

INFOS

11.00 Uhr:

Live Unterhaltungsmusik
Einladung zum Tanz

14.00 Uhr:

Beginn 50 Jahrfeier
Willkommensrede der Presidentin
Willkommensrede an die Gäste
Geburtstagskuchen
Erinnerungsgeschenk und 1 Getränk für alle

INFOS GÉNÉRALES

11.00 hrs :

Musique live
Invitation à la danse

14.00 hrs :

Début fête 50 ans
Mot de bienvenu présidente
Mot de bienvenu invités
Gâteau d'anniversaire
Petit souvenir et une boisson pour tous



Vereine die mit dem Bus anreisen, bitten wir,
um vorherige Anmeldung um Speisen und
Getränke einzuplanen.
Bitte nennen Sie uns auch ihre Ankunftszeit.
Busparkplätze sind verfügbar.

Pour nos clubs amis qui arrivent en bus, veuillez
nous informer à l'avance pour prévoir assez
de menus et boissons.
Veuillez nous indiquer votre heure d'arrivée.
Parking Bus disponible.

Marie-Paule Gerson • GSM : [+352] 661 116 969 • E-Mail : marie-paule@gerson.lu

Young Walkers Day

Den 19. Oktober 2023 hate mir de Young Walkers Day vun der Lasep organiséiert. Do waren eng 370 Kanner aus der Spillschoul an Grondschool mat der LASEP aus dem ganzen Land hei op Besuch. Si sinn eng 4 bis 5 km gewandert.

APPEL: Ënner anerem siche mir e puer Benevollen, 10-12 Persounen ab 17 Joer fir eis ze hëllefen den Dag vum 23.06.2024, bei eiser Grousser IVV Wanderung op de Kontrollen. Si ginn och gutt a gratis bekäschtegt a kréien ee kleng Kaddo.

Text a Fotoen : Worldrunners



Buergbrennen um Scheedgen

D'Scheedges Musek huet wêi all Joer d'Buergbrennen um Scheedgen organiséiert.

Mir soen den Duerfleit Merci fir hier Ënnerstëtzung mëttes beim ophiewen.

Grousse Merci och un eis Baueren déi ëmmer dat néidegt Material zur Verfügung stelle fir d'Buerg opzeriichten.

Text a Fotoen: Scheedges Musek



Liichte goen um Scheedgen

Och dëst Joer waren d'Kanner um Scheedgen ënnerwee fir Liichten ze goen.

Foto : Claudine Urbing-Huss



Et si un conseil de base indépendant et gratuit vous permettait d'améliorer l'efficacité énergétique de votre logement ?



Notre commune et Klima-Agence, une collaboration énergétique

Ensemble, nous vous accompagnons pour trouver les solutions qui correspondent à vos projets d'habitat, de mobilité durable, et ainsi consommer mieux et moins.

Abordez les étapes nécessaires pour réussir votre projet de rénovation énergétique, de construction durable, découvrez les aides financières disponibles pour chauffer votre logement grâce aux énergies renouvelables et produire votre électricité à partir du soleil, ou faites-vous conseiller pour réduire

vos dépenses énergétiques et passer à une mobilité électrique en toute facilité !

Prenez rendez-vous avec votre conseiller Klima-Agence dès aujourd'hui, pour une visite à domicile, une vidéoconférence ou un conseil par téléphone.

Wie wäre es, wenn Sie Ihr Renovierungsprojekt ganz einfach online simulieren könnten?



Entdecken Sie den neuen Renovierungssimulator von Klima-Agence und machen Sie Ihr Projekt zu einem Erfolg. Mit diesem intuitiven Tool können Sie die aktuelle Energieeffizienz Ihres Zuhauses visualisieren und das Potenzial für eine energetische Renovation entdecken.

Mit wenigen Klicks den Simulator kennenlernen

Sie beginnen mit einer Simulation der Energieeffizienz Ihres derzeitigen Hauses. Geben Sie die verschiedenen Parameter ein, um die aktuelle Energiesituation Ihres Hauses zu definieren, z. B. Baujahr, Wohnfläche und Informationen über die aktuelle Dämmung. Identifizieren Sie anschließend Ihr Heizsystem sowie eventuelle technische Installationen, wie z. B. Solarmodule. Sie erhalten dann eine Simulation der aktuellen Energiesituation Ihres Zuhauses.

Testen Sie verschiedene Verbesserungen: Ersetzen Sie die Fenster, optimieren Sie die Dämmung oder tauschen Sie das Heizsystem aus. Beobachten Sie in Echtzeit, wie sich jede Änderung auf die Energie-, Wärme- und Umweltbilanz Ihres Hauses auswirkt. Probieren Sie verschiedene Lösungen mithilfe der Parameter aus oder finden Sie direkt die optimale Renovation für Ihre Situation.

Behalten Sie den Überblick über Ihre Simulationen und Optimierungen, indem Sie Ihr Projekt herunterladen. Zusätzlich erhalten Sie einen QR-Code, der es Ihnen ermöglicht, jederzeit zu Ihrer Simulation zurückzukehren. Dies ist eine praktische

Möglichkeit, Ihre Ideen mit Fachleuten zu teilen oder als Referenz für zukünftige Renovierungsprojekte zu speichern. Unser Simulator bietet Ihnen auch einen direkten Zugang zum Beihilfensimulator von Klima-Agence und zur Liste der zugelassenen professionellen Energieberater, um Ihr Projekt zu konkretisieren.

Erforschen Sie, experimentieren Sie und machen Sie Ihr Haus zu einem Modell für Energieeffizienz unter **renovieren.klima-agence.lu!** Haben Sie noch weitere Fragen? Vereinbaren Sie einen Termin mit einem Klima-Agence-Berater. Er steht Ihnen für eine Beratung zu Hause, eine Videokonferenz oder eine telefonische Beratung zur Verfügung.

Es ist wichtig zu beachten, dass der Simulator eine nützliche Ressource zur Identifikation sinnvoller Renovierungsmaßnahmen darstellt, nicht aber den Energiepass sowie eine professionelle Projektkonkretisierung ersetzt.

Zwee Bushaisercher aus Holz um Parking vum Schéissendëmpel

D'Installatioun vun zwee Bushaisercher, déi duerch gedeelte Käschte vun der Gemeng Konsdref an der Gemeng Waldbëlleg finanziert goufen, dréit dozou bäi, de Visiteure vum Schéissendëmpel nach ee méi agreabelen Openthalt ze bidden. Dësen Invest soll dozou bäidroen, de Confort vun de Visiteuren ze verbessern an dat landschaftlecht Bild ze beräicheren. D'Decisioun fir d'Bushaisercher aus Holz ze baue, gouf ganz bewusst getraff, fir eng harmonesch Ubannung vun der Infrastruktur an déi natierlech Ëmgéigend sécherzestellen.

